



## Communiqué de presse

### Covid-19 Impfungen am CPL zu Schrasseg

Nodeems d'Regierung viru kuerzem hier aktuell Impfstrategie a 5 Phasen presentéiert huet, hu mir als asbl ‚eran, eraus ... an elo?‘ eis gefrot wéini d'Giischercher respektiv d'Prisonéier an dësem Programm virgesi sinn.

Wann een dobäi ee Bléck op eis Nopeschlänner werft, gesäit een, dass dëse vulnerabelen Deel vun der Populatioun do duerch als prioritär ageschat gëtt bei den Impfungen.

An engem Artikel<sup>1</sup> aus der däitscher Press heescht et: ‚*Ungeachtet aller vorsorglich getroffenen Maßnahmen stellten die Gefängnisse aus Sicht der Justizminister potenzielle Infektionsorte dar. Viele Gefangene befanden sich in besonderen persönlichen Problemlagen, die auch Krankheiten und Sucht beinhalten könnten und das Risiko einer Erkrankung erhöhten.*‘

Aus dësem Artikel geet och de wichtege Punkt ervir, datt sech ënnert de Prisonéier, ofgesi vun deene méi eelere Leit, och soss vill virbelaaschte Persounen befannen, déi och no der Definitioun vum ‚*Conseil supérieur des maladies infectieuses*‘ ënnert déi vulnerabel Persounen falen.<sup>2</sup>

An engem Artikel<sup>3</sup> aus der franséischer Press heescht et : ‚*Elle [Contrôleure générale des lieux de privation de liberté] réclame aussi de lancer une campagne de vaccination spécifique tenant compte à la fois de la promiscuité inévitable en détention, de la vulnérabilité particulière de la population pénale et de la facilité logistique résultant de la concentration des patients en un même lieu. Il s'agit, selon Dominique Simonnot qui a adressé une lettre similaire au ministre de la Santé, Olivier Véran, d'une mesure de santé publique permettant de prévenir les conséquences que pourrait avoir sur l'ensemble de la population l'apparition de poches de contamination massive en prison.*‘

Hei geet d'contrôleure générale des lieux de de privation de liberté aus Frankräich op änlech Punkten an ewéi déi däitsch Justizministeren an erwient dobäi och datt et duerch d'Konzentratioun vun all de Patienten/Prisonéier op enger begrenzter Plaz einfach wier eng Impfcampagne am Prisong ze lancéieren. Ausserdeem, géif ee soss riskéieren datt aus dem Beräich vum Prisong een Infektiounsherd och fir de Rescht vun der Bevëlkerung ervirgeet.

Mir als asbl ‚eran, eraus ... an elo?‘ fuerderen dowéinst, dass esou wuel d'Giischercher ewéi d'Prisonéier an den éischten 2 Phasen vun der Impfcampagne mat abegraff ginn.

**ERAN, ERAUS**  
**... AN ELO?**

[www.eran-eraus-an-elo.org](http://www.eran-eraus-an-elo.org)

1 <https://www.mdr.de/thueringen/prioritaet-impfungen-gefaengnis-bediens-tete-100.html>

2 <https://sante.public.lu/fr/espace-professionnel/recommandations/conseil-maladies-infectieuses/covid-19/covid-19-annexes/covid19-personnes-vulnerables.pdf>

3 <https://www.ouest-france.fr/societe/prison/covid-19-la-controleure-des-prisons-reclame-une-strategie-de-vaccination-en-detention-7131639>